



Info - Blat

No 27
Dezember 2018

1933 – 2008
75 Joer Amicale

Amicale des Anciens Elèves de
l'Institut et du Lycée Technique Privé
Emile Metz asbl

www.amicale-ltpem.lu
amicale@amicale-ltpem.lu

Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Mat grouse Schrëtt beweege mir eis all op Chrëschttag zou. En Doft vun Adventskranz a Chrëschtmaart läit an der Loft. Mir notzen d'Geleeënheet, Iech an ärer Famill schéi Chrëschtdeeg, e gudde Rutsch an dat neit Joer, a fir 2019 Gesondheet an Erfolleg ze wënschen.



17. Januar 2019 – Generalversammlung.

Dësen Datum kënn dir scho reservéieren! Eng Aluedung mat den Einzelheeten kritt dir nach am Januar zougeschéckt, a mir wäire frou iech, esou wéi am leschte Joer, a grousser Zuel kënnen ze begrëssen.

Léif Memberen:

Informéiert eis w.e.g. iwwert eventuell "Changement d'Adresse". Bei all Courier kréie mir Bréiwer zeréck mat der Remark, datt déi Persoun net fonnt gouf. Schued!

Oder wann dir eng E-Mail Adresse hutt, dann deelt eis déi mat w.e.g. Dir kritt dann all Courier op är E-Mail a mir spueren Pabeier, Timberen an Zäit. Mir soen iech Merci.



Generalversammlung 2018

12. Juli 2018 – Diplomiwverreechung zu Walfer.

Och dëst Joer huet d'Amicale bei dëser Geleeënheet engem « élève méritant » e Präis iwwerreecht.

De Scheidmüller Sebastien vun der X2MM (Mécanicien de Maintenance) huet dëst Joer de Chèque vum President Alphonse Bressanutti iwwerreecht kritt.



Resultater 2017-18

	non-réussie PFEM	non admissible PIF	non-réussie PIF	ne s'est pas présenté au PIF	candidat(e)s	
EB	-	-	-	-	10	
SC	4	4	-	-	11	
MM	1	1	1	1	23	
EE	2	2	1	-	17	
total	7	7	2	1	61	
AML		-	-	-	8	hun et all gepackt
IGGI	1	mention Assez bien				
	2	réussie après compl en juin/juil.				
	6	ajourné et non réussi en septembre				
	2	NR en juin				



13. Oktober 2018 – Visitt vum Science Center zu Déifferdeng.

Am Ufank gouf vun engem Responsabel dës Aariichtung presentéiert. Duerno hu mir eng Visitt libre vun der Exploratioun gemaach. Hei konnt jiddwer eenzelen u 60 Experimentéier-Stationnen, zum Deel mat Touchscreen, selwer fuerschen. Duerno war eng Show iwwert Elektro, z.B. d'Tesla-Spull mat deenen impressionnante Blëtzer.



An der Mechanik war d'Virféierung iwwert "Schiefe Ebene". Interessant war de Modell vum Weltraum, wou Gravitatioun an Ebbe a Flut erkläert goufen. Als lescht Show ware mir an der "Schmëdd". Munch Erënnerungen aus der Léierzäit sinn an dësem Mëtteg opgefrëscht ginn.

Rentrée mat vill Neiem am Emile Metz

Explikatiounen vum Direkter vum LPEM, Theo THILL



Mir heeschen elo offiziell **Lycée Privé Emile Metz**.

All eis Klassen am "Cycle Inférieur" kruten nei Nimm: 7G (7PG) – 6G – 5G

Elo fonctionnéiert et wéi am Klassik, et gi keng 7ST (7MOST), 8PO, 8TE, 9PO an 9TE méi.

Dono geet et och esou weider op der Technique Générale an um Technicien 4ème bis 1ère. Awer beim DAP (alen CATP), do zielen mer d'Joren vun der aler 10e un elo erëm mat 1, 2 an 3 erop.

Den éischten Schouldag ware mer frou, dat jiddereen (Prof a Schüler) seng Klass fonnt huet.

Op der 6e an 5e fueren mer elo mat 2 Niveauen an den Haaptfächer. Dat heescht wann et schellt, leeft en Deel vun den Schüler an en aneren Sall, esou dat jiddereen op sengem Niveau betreit kann ginn. Déi Organisatioun ass komplex. Wann een elo eng Klass sicht, esou kann déi an bis zu 4 verschidden Säll verdeelt sinn.

Am Inférieur hunn mir 3 Klassen manner, mee am Professionel hunn mir 4 nei Klassen, mat elo am ganzen 554 Schüler, 8 méi wéi d'lescht Joer.

Mir bauen eisen Technicien en Méchanique bis zum Schluss aus, des Joer hunn mir eng 2e (fréier 12e) mat 12 Schüler an d'nächst Joer, endlech, eng 1ère (13ième). Dorobber huet eis Schoul laang gewaart.

An der Elektrotechnique gëtt am Moment den Beruff komplett ëmgekrepelt, dofir lancéieren mir eis am Moment do nach net op eng 2ème an 1ère. Mee mir schaffen schonns dodrun.

Bei eisen Fliegermechaniker ass och eng zweet Formatioun dobäi komm. D'Steierungen an den Fliger ginn ëmmer manner iwwer Stoolseeler gemaach, och wann haut nach vill Fligeren esou fléien. D'Zukunft gehéiert vernetzten, komplexen Steuerungssystemer an dofir brauch een aner Fachleit. Dofir eis nei Formatioun, niesen där aller déi weider bestoen bleift.

Eis englesch Klassen bauen mir weider op an aus. Dëst Joer leeft an der Informatique schonns eist zweet Joer, an der Méchanique hunn mir elo och ugefaangen.

An den nächsten Joren kommen esou nach vill nei Klassen dobäi. Och en neien Beruff entwéckelen mer, den Plasturgien.

Fir dat alles kennen ëmzesetzen hunn mir eist B-Gebai elo komplett ëmgebaut an sanéiert. Eng nei performant Belëftungsanlag suergt elo am ganzen Gebai fir frësch Loft. Mat den neien verglaasten Dieren, wierken eis Gäng elo vill méi frëndlech. Um éischten Stack hunn mir déi veraltert Ateliers erausgerappt an eis Vestiaires op den r-d-c gesat. Esou konnten mir Raum fir 3 Kllassesäll, en Labo Informatique, en Optiounssall fir 7-6-5 an en zousätzlechen Büro schafen. Dofir hu mir d'Mauern arappen gelooss an d'Plafongen an d'Biedem komplett erneieren gelooss. Dat war sportlech fir dat an der Vakanz iwwert d'Bühn ze kréien. Och goufen eis aal Kabelen, elektresch, Informatique, Alarm, Schell, op en neien Verdeeler verluet. An am ganzen Emile Metz hu mer Eduroam (WiFi) installéiert.

Am „Atelier“ vum cycle inférieur, LaboOptions, gëtt net nëmmen gefeilt, mee elo och geleit programméiert an mam Lasercutter geschafft an och eisen Holzatelier kennt net ze kuerz. Dat soll Freed maachen, d'Orientatioun ënnerstëtzen an d'Kanner fir Technique an Sciencen begeeschteren. An de Sciencen hu mir iPads, déi mir an der Zukunft nach méi wëllen asetzen, an och an anere Fächer. Am Ganzen wëlle mir nach méi fachiwewergräifend schaffen.

Elo brauchen mir just nach en zousätzlecht Gebai, fir alles wat geplangt ass, ënnerdaach ze kréien.

Theo Thill



Schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an d'Joer 2019

